© Luxemburger Wort

Instrumenter, Gesank an Akkordeon

Première fir den neie Jugendensembel beim Galaconcert vun der Musek

Miersch. D'Mierscher Musek hat am Kulturhaus hire Galaconcert. Dëst Joer huet deen am September nei gegrënnte Jugendensembel den Ufank gemaach.

No just dräi Méint hunn déi 27 Jonker, ënnert der Leedung vum Ben Brosius, dem Publikum hiert Kënne bewisen. Duerno huet de Maurizio Spiridigliozzi d'Rudder an d'Hand geholl an huet seng Mierscher Musek duerch lëtzebuergesch, italienesch a spuenesch Gewässer bruecht. Bei de bekannten italienesche Melodien wéi „Azzurro“, „Mamma Maria“ a „Volare“ huet den Nicolo Romito si gesanglech begleet. Als Ofschloss huet d'Mierscher Musek ee Medley vu Lëtzebuerger Melodië presentéiert, woubäi hire Chef si um Akkordeon begleet huet an ënnert anerëm och de Claude Haubrich mam „Hexemeeschter“ gesanglech ervirgetrueden ass. D'Publikum, dat deen Owend vum Anouk Hippertchen duerch de Programm gefouert gouf, gouf nach mat zwou Zugabe belount. Ween de Concert verpasst huet, kann d'Mierscher Musek den 13. Januar, ëm 20 Auer, zu Lëntgen „A Mouschelt“ nach eng Kéier lauschtere kommen.

Mierscher Musek Asbl. via mywort.lu

Luxemburger Wort vom Freitag, 12. Januar 2018, Seite 66